



Meng Mamm sot ...

... an domat hu mir zesoen alleguer schwätze geléiert; dofir heescht eis éischt Sprooch jo dann och „Mammesprooch“. Et ass natierlech **léif, heemlech a „waarm“ ... ower dat stëmmt net esou 100%eg**, well et guffen der jo nach am Haus a ronderëm, an der Strooss, am Schoulhaff, herno an deene Schoule wou et weidgong, op der Aarbecht, vläicht an deer anerer Géigend, an aneren Uertschaften wuer ee wune komm ass. **Kee vun äis schwätzt als Erwuessenen nach exakt déi Sprooch wéi mat 6 Joer!** Mir hunn iwwerall Ausdréck an esouguer ganz Sätz opgefaang an déi an eise „Vocabulaire“ mat eragehol. Stëmmt dat dann elo oder net?

Emol e konkret, flott a gutt verständlecht **Beispill: de „Schmetterling“**. Bei äis „am Haus“ guff ni anescht gesot wéi deen däitschen Ausdruck. Firwat? Ech weess et net. Mä bei eise Noper huet dat Déierchen ewell „Millermaoler“ geheescht; zu Wolz wéi och zu lechternach – frot mech net firwat grad/nëmmen do. Op mengem „Wee“ ass mir dann de *Päiperlek* em d'Oue-re geflun; de „Pimpampel“ kumm och laanscht. An der Dikrecher Bullett hate mir „Veiner“ Komeroden, déi hu vun engem „Péiperlap“ geschwat. Vläch gëtt et esouguer nach „eiser“ Nimm fir déi herrlech Déierchen ... mä firwat dann dee „Schmetterling“? Wou huet dann do „well meng Mamm esou sot“ nach e verstännege Sënn? Dselwecht kann een iwwregens fir en eventuelle „Papillon“ grimmelen.

Deer Beispiller gëtt et këscheweis an eise Sproochgebrauch. Leider gero den si och dacks an **deé fuddeleg Kategorie vun „vereezten, alen, muffegen, verschwonnene Wierder“** ... an deenen hir Plaz da ganz dacks einfach däitsch oder franséisch Ausdréck *gebrätscht* ginn (och dëst Wuert ass e flott Beispill fir eng „Verlëtzebuergeschung“ vu „pressen/pres-ser“).

Meng gutt Mammi huet **och vun engem „Rascho“, engem „Koandel“ an engem „Kullang“ geschwat** ... ower ech weess net, ob haut nach e sëllegen dovu rieds geet. Mir selwer ass déi Fro an d’Kopp komm, wéi ech mech mat der Iwwersetzung vun der „PESTE“ vum Albert Camus ofginn hunn: *où les rats sortent des grilles* (> dat Buch an den ETRANGER fannt dir iwwregens op Lëtzebuergesch am Dezember an alle Bicherbutteker) ... Huet dir lech dann ewell iwwer eis Wierder fir déi Saachen e butzege Gedanke gemaach? Oder sinn einfach bei deen „ale Krom“ gehäit? Da kann eis Sprooch jo ower net dofir; si gëtt nëmmen aarm wa mir si op déi bekannt Fassongen aarm maachen. Gewëss: **All Sprooch „evolueiert“ ... mä wat heescht dat?** Keng Sprooch „entwéckelt“ sech doduerch, datt einfach eeriicht/riichtewech Ausdréck aus anere Sproochen an de sougenannte „soziale Medien“ erageschmuggelt ginn; dat gëtt aus alle méiglechen Ursaache gemaach ... déi dmeescht nëmme gebraucht gi fir ze verstoppen, datt een d’Lëtzebuergesch net „drop“ huet!

Fir iwwer dat erauszekommen, wat „eis Mamm sot“ hu mir eng Hellewull éierbar Saache vu **Schrëftsteller, déi en zerguttstert, „oniwwerdrivwent“ Lëtzebuergesch gebraucht hunn**; et musse keng aus dem 19. Joerhonnert sinn: an eiser (wonerbarer neier) Nationalbibliothék fënn jiddereen de Reuland, de Schroeder, den Hess, de Kremer, de Braun, de Greisch, de „Jéwi“ asw. Fir sech an eis Sprooch eranzeknéien. Am Fong misst dat eng „Mussesach“ (Pflichtfach) fir all déi ginn, déi am Radio oder der TV professionell op de Mikro lassgelooss ginn ... ower dat ass eng Saach, fir déi de Regierungs-Commissariat a vläch och den offiziellen „Zenter fir d’Lëtzebuergesch“ missten ... an den Täissel goen.

Eis Sprooch BE-denken

Et brauch ee wierklech kee „Wëssenschaftler“ ze sinn, fir erauszefannen, datt **d’Lëtzebuergesch säin eegent klengt Liewen huet ... a féiert**, ouni datt déi allermeescht vun äis sech dees am Fong bewusst sinn. Mir brauchen honnerte vun Ausdréck, déi sech am Laf vun de Generatiounen hei era „bestuet“ hunn; dmeescht ass äis dat net bewusst. Huet emol e Verb wéi „erféieren“: dat ass ganz kloer **dat „verdrudelt/verbalhorn“ franséisch „Zäitwuert“ EFFRAYER** ... hätt dir dodru gediecht?

Dann dräi Wierder, déi beieneegehéieren: Kullang – Kondel – Rascho. Et ass net sécher, ob Dir déi kennt oder esouguer gebraucht ... dat wëllt ower net heeschen, datt et si net nach op ville Plaze gëtt! De „Kullang“ ass bestëmmt e Fransous a kënn vu „couler“; de „Kondel“ (zu Wolz „Koandel“) leet/féiert d’Waasser aus dem Kullang erof (*conduire*) ... loost mer hei lëschtgerweis eise „Kullangshues“ net vergiessen, ower wien ass dat? Fir de „Rascho“ gitt dir émsoss an de Larousse sichen, ower et méich Freed, wann een äis deem seng Wuerzele giff fannen; intressant, datt Dir déi dräi „Komperen“ an eise „décken“ Dictionnaire aus de 1970er-Joere fannt. Vu wou déi „Komperen“ dann elo hier sinn? Aus deemselwechten Nascht (*compère*)!

Mir hunn also net nëmmen Ausdréck aus dem Germaneschen/Däitschen; **Lëtzebuergesch ass wierklech eng Zort linguistescht „Gehäck“** ... an dat e grousst Gebitt vu senger apaarter Eegenart, déi ze BEdenke gëtt, oder?. Wier et net eng „Recherche“ op eiser Uni wäert? Oder ass et net „akademesch“ genuch?

vum Lex Roth



Abeeeejo!

Natierlech ass et **eng Zort Ouereschleffer** ëmmer erëm drop ze weisen, datt mir vrun 1970 zwar gudder, ganz gudder an esouguer aussergewéinlech gudder Schreiwerten vu Gedichter, Prosastécker, Theaterwierker am Lëtzebuergesch haten; och e gudden Dictionnaire besteet ewell 50 Joer a Leeschtunge vun en etleche starke Wëssenschaftler, déi een nëmme luewe kann ... ower **fir wien ass dat alles gemengt gewiescht? Leider hu keng 5 Prozent vun de Lëtzebuergesch dat „matkritt“**; dat wieren opgerechent der ëmmerhin eng ronn 20 000 gewiescht ... wou waren déi Intressenten dann am Sënn vun hei uewendrun? Et guff kee Buch iwwer 1 500 Stéck verkaaft, e Robert Bruch war souzesoen e „Geheimtyp“; e Stéck op der Bühn, a wann et nach esou gutt war ... deen Dag duerno ewell vergiess. Éierlech: War et esou oder net? Firwat ass et NET méi esou? Kënn dir lech virstellen, datt ee vun eise beschte Auteuren, nodeem d’Sproochgesetz vun 1984 (op EIS Initiativ, d’Gekëddels a Gestëppels) gestëmmt gi war baussent der Chamber zu ärem Schreiwäert sot: „Dann ass d’Banarerepublik jo elo am Gesetz.“ En aneren huet sech de Bic kromm geschriwwen, fir ze beweisen, datt dës Legaliséierung „laanscht den Dill“ wier. **Haut brauche mir net méi kloerzemaachen, datt déi Hären („getréischt“) an nach eng Partie anerer um Holzwee waren!**

Wat a wéivill aus eiser Sprooch-Fro ginn ass, dat brauch een haut – ee Gléck! – kengem méi auserneezedin. Hei iwwregens e flott Beispill ënner Dosenden, déi mir an d’Rei stelle kënnen: E sympatheschen Neveu aus England huet äis ëmmer op Englesch geschriwwen; mir him och. Elo op eemol schreift de Markus Lanz soen; ower dës „Wahn“ huet Sënn. Duerch GOOGLE. Firwat? Mä well d’Lëtzebuergesch sech do eng Plaz „genopert“ huet ... Firwat? Iwwerleet emol. Merci.

Schéck dech!

Dat huet eng Uniform vun ‚deer anerer Säit‘ un, mécht seng Kéipercher ower hei bei äis. ☺ Huet dës Sätz dach emol op korrekt Houdäitsch: *Du solls dech besser schécken – dee Klengen/dee Stack huet sech gutt geschéckt/opgedoen – dat Krappegt schéckt sech net – wann s du dech net schécks, ginn et der an d’Akaul/Laiskaul*. Gell, do kritt dir ‚Krämpes‘. Och op dës Manéier kënn e flotten Zichelche bei eise ‚Zenter fir d’Lëtzebuergesch‘ op d’Schinne gesat ginn; wat eng praktesch Säit fir d’Fuerderung an der EU wier. Oder?

En neit Wuert

Wéi a jidfer Sprooch gëtt et och am Lëtzebuergesch typesch eiser Ausdréck fir dat, wat nieft dem Drénken dat Wichtigst am Liewen ass: lessen. Hei sinn der emol en etlech dovun: *nammen, jicken, fruppsen, erafeieren*... déi sinn nun emol wierklech nëmmen eiser. Et ass intressant **de ‚Gued‘ vun dëse Verben emol an aner Sproche sichen ze goen**; dir fannt ower ganz sécher keent, dat op déi hei virdrun erauskënn.

Elo gesi mir an deem Zesammenhank en neien Ausdruck, deen engem wierklech sympathesch virkënn: dat fuschneit Wuert fir déi Tut, déi ee mat op en Tour hält, vläch och mat an d’Schoul kritt ... an elo plazeweis esouguer wéinst deem léiwe COVID-19 vläch esouguer an d’Haus geliwwert kritt huet, eng **FRUPPSTUT**. Fannt dir net och, datt deen Ausdruck sech wierklech weise kann? Et ass eent vun deenen neie Wierder, déi (wéi a jidfer Sprooch) spontan entstin... wat am Lëtzebuergesch ower rar ass, well mir direkt op d’Däitsch, d’Franséisch an haut besonnesch – an dacks muttwëlles – op d’Englesch sprangen... well dat mécht esou ‚cool‘; ma dajee alt. ☺

Gëtt et dat nach?

„An der Zäit“ guffen et e sëllege verschidden Ausdréck wann der zwee sech gefall hunn. Fir d’éischt huet et geheescht, si giffen sech *‚nawell gär gesinn‘*, duerno si giffe *‚matenee goen‘*, zugudderlescht *‚matenee freien‘*. Dat konnt sech iwwer Joeren zéien. Haut geet ‚dat alles‘ vill méi séier, ower dat soll keng Kritik sinn; si kommen ‚hiner Deel all matzäit‘.

Beim Dicks heescht et: *A wann e Freier eng Freiesch huet, da wier e gär mat hir bestuet*. Dat huet sech ‚moderniséiert‘, an et brauch ee wierklech net méi däitlech ze ginn. De ‚Freier‘, dat guff et zwar och am Däitschen... an et gëtt deen nach haut; ower deen trëppelt, wéi nach ëmmer, bei de ‚roude Luuchten‘; deen hat ni déi Bedeutung wéi am Dicks sengem flotte Liddchen... vun der ‚Freiesch‘ net emol ze schwätzen.

D’Sammelbuch vun den 250 éischte KLACKEN ass no e puer Woche vergraff gewiescht ... an elo erëm ze kréien. Wien et gär mat eran an d’Vakanz hält, dee kann sech et iwwer eisen E-Mail hei uewe bestellen. Et kascht 20€/+5€ Porto. Macht iech e puer flotter Wochen!